



Seul le discours prononcé fait foi

Fête nationale 2019

Cérémonie officielle à la Philharmonie Luxembourg

Discours du Premier ministre, ministre d'État

Xavier Bettel

*Altesses Royales,
Här President vun der Chamber,
Léif Kollegen aus der Regierung,
Dir Dammen Hären Deputéiert,
Exzellenzen,
Léif Matbierger,*

Erlaabt mer, dass ech meng Ried haut de Moien ufänke mat engem spezielle Gedanken un de Grand-Duc Jean, deen eis op Ouschterméindeg fir ëmmer verlooss huet.

Ech hat déi grouss Eier an d'Freed fir eise fréiere Staatschef an de leschte Joren ëmmer erëm ze begéinen an et war mer och eng Freed fir hie reegelméisseg op Schlass Fëschbech dierfe besichen ze goen.

Mir hu bei deene Geleeënheeten iwwer d'Aktualitéit geschwat. Et war en Echange iwwer déi europäesch an international Politik an iwwer d'Erausforderungen zu Lëtzebuerg. De Grand-Duc Jean war och a sengem héijen Alter immens **gutt** informéiert an intresséiert un deem wat ronderëm eis geschitt. Virun allem huet hien sech **Gedanken** gemaach iwwer seng Matmënschen an iwwer d'Schicksal vun deene méi Schwaachen an eiser Gesellschaft an och iwwer déi Mënschen, déi op anere Plazen op der Welt liewen a manner Chancen a Perspektiven hunn ewéi mir.

De Grand-Duc Jean huet awer och iwwer d'Vergaangene erzielt, iwwer déi däischter Zäit vum Zweete Weltkrich, iwwer de Kontext deemools, dee mir eis haut schwéier bis guer net kënnen virstellen. An ech soen dat och ganz oppen: de Grand-Duc Jean huet sech dann och Suergen gemaach an de Fanger an d'Wonn geluecht a Froe gestallt, déi een zum Nodenke bréngen an déi ee méi laang beschäftegen. Hien huet sech zeréckgehale mat senger **eegener** Vue, mee Froe gestallt, déi méi Bedeitung haten, ewéi munch Ausso, déi een hätt kënnen maachen.

Et huet ee kloer verstanen, ëm wat et gaangen ass: mir sollen net vergiessen, wéi et zu der gréisste Katastroph op eisem Kontinent komm ass, wéi et ugaangen ass an zu wat et gefouert huet.

Et heescht **dacks** mir dierften net vergiessen a mir missten eis asetze fir déi Wäerter, fir déi eis Virfare gekämpft hunn. Deen Opruff ass meeschtens abstrakt, fir mech ass et ganz konkret. Ech fille mech **perséinlech** responsabel vis-à-vis vum Grand-Duc Jean a vis-à-vis vun all de Lëtzebuerger an den Alliierten, déi deemools hiert Liewe fir eis Fräiheet an eis Onofhängegkeet riskéiert hunn.

Et soll iwwer allem stoen, dass mer net lichtfankeg ëmgi mat deem lerwen. Mir hunn **d'Aufgab** eis anesetze fir demokratesch Wäerter a géint den Extremismus - an dat onofhängeg vun all aneren Ennerscheeder, déi mer an eiser genereller Vue hunn, an eisem Glawen, bei eisem kulturellen Hannergrond oder eiser Sprooch.

Monseigneur,

De Grand-Duc Jean huet mech un déi Realitéit erënnert, dass et net selbstverständlech ass, dass ech als liberale Politiker, dee Virfaren huet, déi de kathouleschen, orthodoxe, jüddeschen oder guer kee Glawen haten, an dee mat engem Mann bestuet ass, haut kann hei virun Iech stoen.

Monseigneur, De Grand-Duc Jean, äre Papp, war fir mech eng grouss Inspiratioun an e Virbild. Hien wäert eis feelen, mee mir wäerten eis ëmmer fir dat engagéieren, wat hien eis hannerlooss huet.

Altesses Royales,

Dir Dammen an Dir Hären,

Mir hunn och eng grouss Verantwortung géintiwwer de Generatiounen déi **no** eis kommen. Dat ass eng Verantwortung fir d'Zukunft vun eisem Planéit.

Et ginn do net vill Nuancen a wéineg Spillraum. De Changement vum Klima, déi allgemeng Entwécklung, déi mer weltwäit observéieren, geet an déi falsch Richtung an et ass net fir nach vill Zäit ze verléieren. Et maach verschidde Vuë ginn iwwert d'Ursaache vum Klimawissel, et maach och verschidde Vuë ginn iwwert d'Moyenen, déi mer hunn, fir deem entgéint ze wierken.

Et besteet awer **keen** Zweiwel drun, dass mer mussen aktiv ginn - an zwar elo. Et ass dofir och richtig, dass déi Jonk eis onermiddlech drun erënnere, dass net nach vill Zäit ass fir ze diskutéieren. Lëtzebuerg bezitt kloer Positioun a mir gehéieren an der Europäescher Unioun zu deem Grupp vu Länner, déi méi Efforte verlaangen, ewéi dat, wat mer bis elo ofgemaach hunn.

D'Veantwortung vis-à-vis vun de Kanner a Jonke vun haut a vu muer limitéiert sech awer **net** op de Klimawissel an déi politesch Stabilitéit. Mir mussen och derfir suergen, dass d'Liewensqualitéit am Allgemengen erhale bleift an dass mir Perspektive schafen. Et ass eng Fro vu Generatiounegerechtkeet.

Mir dierfen net vun deem profitéieren, wat mer haut hunn an dobäi vergiessen, wat muer gebraucht gëtt.

Et ass dofir richtig a wichteg, dass mir eis zu Lëtzebuerg och regelméisseg upassen an déi Modeller op de Préifstand huelen, déi eise Wuelstand haut nach garantéieren. Et ass ganz bestëmmt net ëmmer einfach fir sech op Neies anzestelle mee et ass eng Viraussetzung fir eis laangfristeg ofzesécheren.

Ech sinn iwwerzeegt, dass mer d'Erausforderungen, déi virun eis leien, ze meeschtere wëssen an alles hunn, wat néideg ass, fir déi Weeër unzeleeën, déi eis an eng gutt Zukunft féieren. Et ass e **gemeinsamen** Effort, fir **gemeinsam** Chancen.

Eis Stärkt läit an deem, wat mer zesumme maachen an et ass wichteg, dass mer kengem d'Gefill ginn, vernoléisseg ze ginn. Solidaritéit, Versteesdemech an Toleranz fir aner Iddien, Matgefill an Inklusioun.

Dat sinn d'Prämissen no deene mer eis orientéieren an d'Wärter fir déi mir stinn. Haut an och an Zukunft.

Vive eise Grand-Duc

Vive eis groussherzoglech Famill a

Vive eist Land